



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de l'immigration

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Ufro 5919
vum 11. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

- 1) Fir de Moment sinn ronn 5% vun de Persounen déi a Strukture vum ONA liewen, vun hirer Demande op internationale Schutz déboutéiert.
- 2) Onofhängeg vun der grousser Arrivée u Leit déi aus der Ukraine geflücht sinn, gëtt proaktiv un de Retoure fir Leit déi a séchere Konditiounen an hiert Hierkonftsland kennen zrëckgoen, geschafft – dëst virun allem mat engem Accent um Retour volontaire an am Respekt vun der nationaler an europäescher Gesetzgebung.
- 3) Ech verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro 5841 vum 1. Mäerz 2022.
- 4) Lëtzebuerg sëtzt allgemeng op eng concertéiert europäesch Approche, notamment iwwer d'Verstärken vun den europäeschen Agencen um Terrain, wéi Frontex an Europol, fir géint Schleiseraktivitéite virzegoen.

Lëtzebuerg, 11. Abrëll 2022.

Aussen- an Europaminister

(s.) Jean Asselborn